PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Ech hunn schonn a virrechte Froe probéiert d'Regierung op méiglech Interessekonflikter a Punkto Social Media Accounts vu Ministèren opmierksam ze maachen (ë.a. n°948 an n°633). Elo huet d'Familljeministesch als éischte Regierungsmember ugekënnegt, bei de Gemengewalen 2023 mat ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung fir sech Reegelen opsetzen, wéi Social Media Accounts vun de Ministèrë genotzt solle ginn en vue vun de Gemengewalen an den nationale Walen 2023? Wa jo, wäert d'Regierung dës Reegele kommunizéieren? Wa nee, firwat net?

2. Wéi wäert d'Regierung mat Social Media Accounts vun de Ministèren ëmgoen am Fall wou ee Regierungsmember bei de Gemengewalen als Kandidat*in matgeet?

3. Kann d'Madamm Familljeministesch assuréieren, dass d'Accounts vum Familljeministère keng Reklamm fir d'Ministesch wäerten am Walkampf maachen?

4. Kënn de Premier assuréieren, dass keng Ministèreaccounts oder Ministeraccounts genotzt ginn, fir Reklamm wärend dem Walkampf fir dee jeeweilege Kandidat/ déi jeeweileg Kandidatin ze maachen?

5. Wéi wäert d'Ministesch wärend de Gemengewale mat deene Follower ëmgoen, déi si op hirem privaten Account duerch Interaktioune mat dem Ministèreaccount oder dem Ministeraccount krut?

6. Wat waren d'Käschte vum Familljeministère fir d'Gestioun vun de Social Media Accounts säit 2018, Personnalfraisen an extern Agencë mat abegraff (opgelëscht pro Joer)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten